Un all Member vum
Mouvement Ecologique

Lëtzebuerg, de 7. Mäerz 2014

Léiwe Member,

Mir lueden Iech heimadder häerzlech an op

# d'Generalversammlung
# – de Kongress 2014 vum Mouvement Ecologique

## e Samschden, 22. Mäerz 2014 vu 14.15 – 18.30 Auer

**am Centre Culturel zu Helmdange, 120, rte de Luxembourg, Luerenzweiler**

Nieft dem statutareschen Deel vum Kongress - Tätegkeetsbericht, Finanzrapport, Neiwiel vum Verwaltungsrot - wäerten eis de **François Bausch, Nohaltegkeetsminister, d'Carole Dieschbourg, Emweltministerin an de Camille Gira, Staatssekretär am Nohaltegkeetsministère hir Prioritéiten duerleën an eis Ried an Äntwert stoen.**



- - - - - - - - - - - - - - - - - - - - - - - - - - - - - - - - - - - - - - - - - - - - - - - -

Och wann Dir am Laf vum Joer vläicht net u Projete vum Mouvement Ecologique deelhuelt: Eemol d'Joer bitt sech besonnesch d'Geleeënheet ze weisen, datt Dir hannert «Ärer» Organisatioun stitt. Dës Solidaritéit ass immens wichteg an hëlleft och onse Fuerderunge bei der Politik an an der Ëffentlechkeet deen néidegen Nodrock ze ginn.

Et ass vill méi wéi nëmmen eng Formalitéit. Duerfir: w.e.g. kommt op d'Generalversammlung!
An ausserdeem: se ass ëmmer eng Geleeënheet fir e flotten Austausch mat anere Leit, ureegend Diskussiounen an enger produktiver Atmosphère ze hunn.

## 1. Deel vum Kongress: Statutareschen Deel

- **Begréissung** duerch d’Regional Uelzechtdall

- De Bilan a Biller vun den Aktivitéiten am Joer 2013, mat engem Ausbléck an d’Zukunft vu
    * Mouvement Ecologique
    * Oekozenter Pafendall
    * Stëftung Oekofonds
    * Klima-Bündnis Lëtzebuerg

- **D’Wuert** vun der Presidentin

- **Finanzrapport** vum Trésorier a vun de Revisoren - Décharge

- **Décharge** vum Verwaltungsrot

- **Neiwiel** vun de Membere vum Verwaltungsrot resp. vun de Keesse-Revisoren
  *Kandidature fir de Verwaltungsrot solle w.e.g. mëndlech oder schrëftlech bis den 19. Mäerz beim Mouvement Ecologique, Tel. 439030-1 oder als E-mail u meco@oeko.lu eragereecht ginn.*

- **Ännerungsproposen zum interne Reglement**: de Verwaltungsrot schléit eng Rei Ännerungen um aktuelle Reglement fir. Weider Detailer - ablécklecht Reglement, Ännerungsproposen an Erklärungen derzou fannt Dir op www.meco.lu; gäre schécke mir Iech se awer och am Virfeld zou. Falls Dir am Virfeld vum Kongress Remarquen zu de Proposen hätt, kënnt Dir eis déi gäre schonn zoustellen: meco@oeko.lu

- **Motioun** / **Resolutioun** (anzegesinn op der homepage www.meco.lu vum 18. Mäerz un)

- **Fräi Aussprooch**

*Motioune vum Verwaltungsrot oder vun engem Member, deen eng Propose eraginn huet, ginn esou wäit wéi méiglech am Virfeld op der Homepage www.meco.lu ugekënnegt. Virschléi fir Motioune w.e.g. bis de 14. Mäerz wa méiglech schrëftlech beim Mouvement Ecologique erareechen (meco@oeko.lu, Tel. 439030-1).*

*Bréngt Äer Memberskaart w.e.g. mat op d’Generalversammlung.*




## 2. Deel vum Kongress: D'Prioritéite vum Nohaltegkeetsministère - d'Vertrieder vum Nohaltegkeetsministère sti Ried an Äntwert

Wat sinn d'Prioritéite vum Nohaltegkeetsministère a punkto Landesplanung, Mobilitéit, Energie a Klima, Emweltpolitik, Naturschutz....

Mir si frou, datt déi 3 Vertrieder vum Nohaltegkeetsministère

- **François Bausch, Nohaltegkeetsminister,**
- **Carole Dieschbourg, Emweltministerin**
- **a Camille Gira, Staatssekretär am Nohaltegkeetsministère**

**eis hir Prioritéiten duerleën an eis Ried an Äntwert stoe wäerten.**

**Duefir: kommt laanscht! Weist Ären Interessi a profitéiert dervun, konkret Froen ze stellen.**





No der Gespréichsronn ass zum Ofschloss nach eng Réceptioun mat Eirewäin / -jus, offréiert vun der Gemeng Luerenzweiler.

Merci, datt Dir op d'Generalversammlung kommt!

Blanche Weber
Presidentin

Emile Espen
Trésorier

# Gemittlecht Iessen no der Generalversammlung – Jiddereen ass häerzlech agelueden



Owes no der Generalversammlung ass traditionell e gemeinsamt Iessen, fir jiddereen dee Loscht huet, e gemittlechen Owend an engem flotte Kader zesummen ze verbréngen.

Mir gesinn eis dëst Joer am Restaurant «Beim Alen Tuurm», 5-6, rue Jean Majerus, L-7555 Mersch.

**Menu 1:** Crème de légumes avec croûtons épicés - Mignon de boeuf sauces aux choix (maison, crème champignons ou poivre vert), croquettes et légumes frais de saison - Parfait Grand-Marnier maison - Café et petits fours **Prix: 39.-**

**Menu 2:** Consommé royal - Gratin de poissons feuilleté au beurre, riz et légumes de saison - La Mousse au chocolat - Café et petits fours **Prix: 42.-**

**Menu 3:** Petite salade de chêvre chaud et vinaigrette au miel - Gratin de légumes/tofu et pomme de terre sauce fromage - Mousse au chocolat - Café et petits fours **Prix: 35.-**

Mellt Iech w.e.g. u fir d'Iessen bis spéitstens e Mëttwoch, den 19. Mäerz ëm 12.00 Auer,
per E-mail : meco@oeko.lu oder Gréngen Telefon 439030-1 a gitt dee vun Iech gewielte Menu un.

---

## Mam Zuch a Bus op d'Generalversammlung

De Centre Culturel zu Helmdange läit 150 Meter vun der Gare ewech. D'Horaire sinn:

**Lëtzebuerg-Gare - Luerenzweiler-Gare**

| | | | | | |
|---|---|---|---|---|---|
| Bus 290 départ: | 13.30 | arrivée: 13.57 | Zuch départ: | 13.50 | arrivée: 14.04 |

**Miersch-Gare - Luerenzweiler-Gare**

| | | | | | |
|---|---|---|---|---|---|
| Bus 290 départ: | 14.00 | arrivée: 14.10 | Zuch départ: | 13.49 | arrivée: 13.56 |
| | 14.20 | arrivée: 14.30 | | 14.19 | 14.26 |

**Luerenzweiler-Gare - Lëtzebuerg-Gare**

| | | | | | |
|---|---|---|---|---|---|
| Bus 290 départ: | 18.30 | arrivée: 18.56 | Zuch départ: | 18.56 | arrivée: 19.10 |
| | 19.10 | 19.36 | | 19.26 | 19.40 |
| | 19.30 | 19.56 | | | |

**Luerenzweiler-Gare - Miersch-Gare**

| | | | | | |
|---|---|---|---|---|---|
| Bus 290 départ: | 18.37 | arrivée: 18.50 | Zuch départ: | 18.34 | arrivée: 18.41 |
| | 18.57 | 19.10 | | 19.04 | 19.11 |
| | 19.17 | 19.30 | | 19.34 | 19.41 |
| | 19.37 | 19.50 | | | |

Den Zuch fiert och owes méi laang, fir all déi Leit wou mat iesse ginn. Fahrgemeinschafte sinn och méiglech.
Weider Infoen op www.mobiliteit.lu.